ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Dépôt: Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, den 24. Abrëll 2019

Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten

notéiert,

- datt a ville Politikberäicher, an deene ganz komplex Investitiounen gemaach a grouss Projeten geréiert ginn, eng laangfristeg operationell a finanziell Plangungssécherheet noutwenneg ass;
- datt zu dëse Beräicher och d'Lëtzebuerger Sécherheets- a Verdeedegungspolitik gehéiert;

rifft an Erënnerung

- datt ënnert där viireschter Regierung sougenannte „Lignes directrices de la défense luxembourgeoise à l'horizon 2025 et au-delà" iwwert d'Verdeedegungspolitik ugeholl goufen;

fuerdert d'Regierung op:

- wichteg Projeten déi an dëse "Lignes directrices" zréckbehale goufen, wéi z.B. am Weltraumberäich de LuxGovSat an de "Wideband Global Satellite Communications System" an am Loftberäich d'Uschafung vu militäreschen Helikopteren fir den takteschen Transport an déi medizinesch Evakuéierung, virun ze féieren.

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique